NATIERLECH CACTUS

En partenariat avec 100 joer natur&ëmwelt



# ËMWELTSCHÜTZER A BAUMEESCHTER



*Ouni Insekten, wéi z. B. Wëllbeien, leeft a Saache Bestëbsen a Reproduktioun bei de Planzen näischt, dat wësse mir all.*

## MEE WAT ASS IWWERHAAPT ENG WËLLBEI?

Eng Wëllbei – anescht wéi d'Hunnegbei, déi an engem Beiestack mat bis zu 50.000 Beien zesummelieft – lieft eleng. Hir Nistplazen, d. h., do wou si hir Eeër dra leet, kënne ganz verschidde sinn: Morscht Holz, Planzestiller a souguer eidel Schleekenhaiser ginn ugeholl. Am Allgemenge brauchen d'Beien de Blummennektar als Narung – a si huelen esou de Blummestëbs mat weider, wa si vu Blumm zu Blumm fléien. Anescht wéi d'Hunnegbei, déi den Nektar zu Hunneg verschafft als Reserv fir de Wanter, mécht d'Wëllbei keen Hunneg a verbraucht den Nektar direkt.

## WÉI KANN EE WËLLBEIEN HËLLEFEN?

Andeems een a sengem Gaart zousätzlech Nistplazen uleet an einheimesch Blumme séit, wou si den Nektar siche ginn. Et kann een z. B. ganz einfach en déckt Stéck Holz huelen a Lächer mat der Buermaschinn dra bueren. Déi Lächer sollen awer op d'mannst 15 cm déif sinn. Do muss en Erwuessenen iech hëllefen.



## MIR BAUEN EN WËLLBEIENHOTEL!!

**DIR BRAUCHT:**

Schilf- oder Bambusstiller
1 kléng Handsee oder 1 Secateur
1 Béchs oder 1 Stéck Plastiksrouer
Schnouer oder Drot

**A LASS:**

Mat der Handsee ginn d'Stiller op eng Längt vu 15 cm propper geschnidden. Et ass wichteg, dass d'Enner glat a propper sinn. Da gi se zesummegebonnen an an eng Béchs oder e Plastiksrouer gestach. Et ass wichteg, dass déi eng Säit zou ass, well d'Beie just an däischter Réier hir Eeër leeën. Zum Schluss kann de Wëllbeienhotel op enger dréchener a viru Ree geschützter Plaz opgehaange ginn.

Hei gesitt dir, wéi esou e Rouer oder Still bannendran ausgesäit:






Wann e Lach zougepecht ass, da weess een, dass do eng Wëllbei Eeër drageluecht huet.